

Den 20. Oktober gouf an der Chamber dat éischt Kapitel vun der neier Verfassung gestëmmt. D'ADR setzt sech säit ville Méint fir eng breet a kontrovers Diskussiouns- an Informatiounscampagne souwéi fir e Referendum iwwert déi véier Kapiteln vun der neier Verfassung an, souwéi si et 2018 och an hirem Walprogramm versprach hat. D'ADR hat an deem Kader 80.000 Informatiounsbroschüre verschéckt, zwou Informatiounsversammlung an all Walbezierk souwéi zwou ëffentlech Manifestatiounen ofgehalen, eng Pressekonferenz ginn an zwou Resolutiounen, verschidde Motiounen an eng Gesetzesproposé an der Chamber deposéiert.

Obwuel déi véier Parteien CSV, Déi Gréng, DP, LSAP alleguer dat nammlecht Verspriechechen an hirem jeeweilege Walprogramm stoen haten, hunn si sech bis lo als Reaktioun op sämtlech ADR-Initiativen als geschlossenen Oppositoun géint de Referendum presentéiert.

Nodeems, datt d'ADR mat enger entsprecherender Informatiounsbroschüre un déi breet Ëffentlechkeet getrueden ass, huet e private Bierger, deen net Member vun der ADR ass, déi onofhängeg Petitioun Nummer 2007 um Zitt vun der Chamber lancéiert, fir déi entsprecherend Deputéierten un hiert Walverspriechechen ze erënneren an eng separat Unhéierung an der Chamber ze erzwéngen. Eng Petitioun um Zitt vun der Chamber enthält awer keng rechtlech verbindlech Wierkung fir e Referendum.

Am Kader vun der uewen zitierter Ofstëmmung vum 20. Oktober huet sech dës Situatioun um Niveau vun de politeschen Dispositiounen allerdéngs geännert. D'CSV huet fir de Fall, datt d'Petitioun Nummer 2007, bis datt se ofleet, 25.000 Ënnerschrëften erreecht, den ëffentlechen Engagement geholl, fir déi zweet Ofstëmmung vun all Kapitel duerch e Referendum ze ersetzen.

D'ADR weist sech héich erfreet, datt d'CSV sech op hiren Drock hin a leschter Minutt un hiert Walverspriechechen erënnert huet a riicht lo en ausdrécklechen Appell un all Bierger, d'Petitioun Nummer 2007 ze ënnerstëtzen.

ADR - Groupe parlementaire
ADR - Parti politique

25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg
25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg

Tel. : (+ 352) 463742
Tel.: (+352) 2620 3706

ADR - Groupe parlementaire
ADR - Parti politique

25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg
25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg

Tel. : (+ 352) 463742
Tel.: (+352) 2620 3706